

Gudden Owend

wei der wësst, feiert den HSV dëst Joer säi 50-järege Gebuertsdag. Erlaabt mer, lech an e puer Minutten d'Geschicht vun eisem Veräin ze resuméieren.

Den HSV gouf den 12. März 1967 am Café Kieffer zu Beetebuerg gegrënnt. E puer Begeeschterter vum Wach- an Schutzdingscht hu sech zesumme gesat, fir hire Sport mat däitsche Schéiferhënn, Dobermänner an Rotweiler an engem Club ze organiséieren.

Den 1. President vum HSV war den Jean Winandy, den Alphonse Becker war Vize President, den Jean-Paul Charles Trésorier an d' Eliane Kieffer Sekretärin. Hire éischten Terrain war en Uebstbongert, deem 2. Ioung hannert enger Kouwiss, déi méintelaang am Joer iwwerschwemmt war, sou dat an der Ufangszäit un e richtegen Training net ze denke war.

Déi aktiv Membere vum Club hunn zu där Zäit op den Tournoien als sougenannten Hetzer an als Riichter agéiert. Eng Nierwenbeschaeftegung vun hinne war, fir d' Gemeng Patrouillen owes duerch den Park ze goen, fir mat hiren Hënn an der Gemeng fir eng gewësse Sécherheet ze suergen.

Hir Geräter hu se selwer gebastelt, fir d'éischt aus ale Friisen an duerno aus ausgedéngte Paletten a souwisou war alles zimlech „abenteuerlech“ déi Zäit.

1979 ass den Logo mam däitsche Schéiferhond, deem der hannert mer gesitt, entstanen an dee Logo sollt vill Joer d' Symbol, bis an d'Joer 1992 eran, vum Veräi bleiwen.

Den Hauptleies vun den Aktive war awer d' Sich no engem gëeegenten Trainingsterrain, wou se e vernünftegen Training kéinten ofhalen. Mat Hëllef vun der Gemeng ass hinnen dat och gelongen an esou ass de Veräin am Joer 1980 an d'rue de Mondorf geplënnert, wou se bis elo bliwwe sinn.

1981 gouf du e Chalet geplangt, deem 1983 fäerdeg gouf an an deem bis haut d' Sitzunge vum Comité an och nach vill Fester ofgehale ginn.

Beim Schutzdingscht waren déi Responsabel, souwuel de Comité wei och Trainer, extrem streng. Ech liesen iech just 1 Extrait vir, deem den secken Toun vun deemools ënnersträicht, ech zitieren: „während dem Training kommandiert nur einer, und zwar der Dressurleiter Eiffes Fernand“. (Eigentlech ass et och haut net vill anescht, och wann de Numm vun den „Dressurleiter“ geännert huet.)

Et muss een vun dëser Zäit awer déi grouss Leeschtunge vun eise Memberen erënneren, an do hunn der besonnesch zwee sech ervirgedoen, an zwar de Kirsche Néckel an da natierlech den Eiffesse Fern, deen deen een oder anere Championstitel konnt huelen an och duerno un europäesche Meeschterschaften deelgeholl huet.

Leider besteet aus deene Joere net all ze vill Bildmaterial, awer mer haten déi grouss Chance, eis kënne mat engem vun de Grënnungsmitglieder, dem Ender Thill, z'ënnerhalen, deen och haut den Owend ënnert eis ass, a mer soen him Merci dofir.

Ausser him ass dann och nach en anere Grënnungsmitglied vun der éischter Stonn haut den Owend an eisem Krees dobäi, dee mer leider awer eréischt ganz kierzlech „entdeckt“ hunn, an zwar de Jean-Paul Charles, deen doriwwer eraus och nach den alleréischte Keessier vun eisem Veräin war, an domadder praktesch en Uran vun eisem Steins Rom.

An dann, last but not least, hu mer och nach d'Uranin vun eisem Thinesse Jos bei eis an zwar d'Madame Eliane Kieffer, si war och Grënnungsmitglied an déi alleréischte Sekretärin vum Veräin.

1988 koum du déi grouss Neiorientéierung vum HSV. D' Gaby an de Romain Stein waren zu Paräis op der Foire Agricole an hunn do eng Demonstratioun vun engleschen Agilitisten gesinn. Sie si begeeschtert zeréck komm an sie hunn net laang gebraucht, fir déi Begeeschterung un déi aner weider ze ginn. Zu Beetebuerg gouf an kuerzer Zäit den Veräin ëmgekrempt an den Schutzdingscht ass ëmmer méi verschwonnen, fir dem Agility 1992 definitiv Plaz ze maachen. Den HSV war deen 1. Agility Veräin am Land an et hu sech ëmmer méi Leit ugemellt, déi Freed un dësem neie Sport haten.

Am Ufank war dat net esou einfach a well keng Suen am Club waren ass mat deenen einfachste Moyene geschafft ginn. Esou sinn d' Hënn duerch ausgedingten Uelegfässer an duerch Camionspneue gesprongen, déi als Tunnel an als Reef benotzt gi sinn. Déi allermeeschte Geräter si selwer gebastelt ginn, vun den Hürde bis bei d'Kletterwand an esou munchereen huet an deem Betrib, wou e geschafft huet, esou munch Iwwerstonn „geschafft“, fir déi Geräter fäerdeg ze kréien, fir Broschüren ze drécken an där Saache méi.

Lous a lous ass den HSV awer ëmmer besser an d' Rulle komm an duerch d' Organiséiere vun den 1. Agilitys Tournoien am Land koumen dann och Suen an d' Kees, a wa jiddereen e bësse bäigeluecht huet, konnten da vernünfteg Geräter ugeschafft ginn.

Déi nächst puer schwaarz/wäiss Fotoe weisen, dat de Romain Binsfeld, de Romain Stein an de Jos Thines schon oder deemools nach eng gutt Figur ofginn hunn. Haut léisst et sech bei dem engen oder aneren doriwwer streiden.

1992, zur 25 Joer Feier vum HSV, gouf deem 1. internationalen Tournoi zu Beetebuerg organiséiert, un deem belsch, hollännesch, dänesch, franséisch an Schwäizer Agilisten deelgeholl hunn.

Den Agility huet dringend en neie Logo gebraucht, an dee koum 1993, der kennt en all, et ass dee Logo, deem och haut nach den HSV symboliséiert, der gesitt en hannert mer.

Mer sinn elo am Joer 2007, dat Joer, an deem den Fernand Eiffes als President ofgetrueden ass. Hien war 33 Joer un der Spëtz vum Veräin, an dofunner 19 als President, an eigentlech net ewech ze denken. De Romain Binsfeld huet sech 2008 bereet erklärt, de Veräin als President ze féieren an dat schwéiert lerwe vum Fernand ze iwwerhuelen. Ënnert dem Romain als President ass déi grouss Iddi vun enger eegener Hall nees opgegraff ginn.

E grousst Uleies vum Veräi war ëmmer, och am Wanter ënnert annehmbare Konditiounen trainéieren ze kennen, an duerfir wollt den Veräin eng Agility Hall bauen. Déi Iddi ass joerelaang diskutéiert a weidergeplangt ginn an et huet bis zum Joer 2012 gedauert, bis aus der Iddi endlech Realitéit ginn ass. Hei muss een derbäi soen, dass dat ouni déi grouss Hëllef vun der Gemeng net an där Form realiséierbar gewiescht wier. De Club huet eng winnerschéin Hall an där de ganze Wanter kann trainéiert ginn, och wa bis zum Schluss keen esou richteg dorunner gegléift hat.

Et gi Summer wéi Wanter e sëlleschen national an international Tournoien organiséiert, ech well hei nëmmen déi wichtegst vun de leschte Joeren opzielen:

den Agility by Night, deem all 2 Joer 500 Starter aus der ganzer Welt ulackelt, den Lux Winter Cup, den am Wanter iwwer 4 Weekender organiséiert gëtt, dëst Joer war mat der Junior European Open en absoluten Highlight zu Beetebuerg.

Dat villt Schaffe vun den Responsabele vum Club huet an all deene Joeren ëmmer erëm zu Top Leeschtunge vun den Membere gefouert, och hei kann ech nëmmen déi allergréissten Erfolleger opzielen:

de Fernand Eiffes war 1993 Vize Europameeschter an 1996 Weltmeeschter, 1997 war d'Fabienne Thines 3. op der Weltmeeschterschaft zu Kopenhagen, D'Fabienne an de Fernand waren 2002 Weltmeeschter am Medium Team, 2007 war et d'Kelly Eiffes dat JuniorVize Europameeschter am small an am medium op der JEO ginn ass, dat Joer duerno gouf et Junior Europameeschter am small an am medium an 2009 war et Junior Europameeschter am small Team. De Yannik Nenno wuer 2013 Junior Europameeschter am Large, an 2016 war d' Jill Wisseler Vize Europameeschter bei den Children.

Der gesitt, den HSV brauch sech mat deene Resultater vu senger Jugend keng Gedanken iwwer Zukunft ze maachen.

Den HSV war 22X Landesmeeschter individuell an an der Ekipp an huet 21X d' Coupe de Luxembourg gewonnen.

d' sportlech Resultater vum HSV kann een virweisen an mer sinn alleguer iwwerzeegt, dat déi Responsabel vum Club och weiderhi mat deemselwechten Enthusiasmus schaffen a mer ginn iech RV an 25 Joer fir d'75 Joer Feier vum Club mat hoffentlech nach ganz vill gewonnen Titelen.

Merci fir är Opmierksamkeet